Pe'teng den 5.September 65

Dir Dammen an dir Hären,
Frenn a Bekannten,
Komerôdinnen a Komerôden

We' nun schon zönter 5 Joer fällt mit d'E'er zo', am Num vun mengen Komerôden aus dem Féderationscomité an an mengem égenen Num iech alleguer e wärmste Merci ze soen fir är gro'ss Bedéligung vun onser heiteger Journée Commémorative hei zu Pe'teng. En oprichtegen an de'fste Merci fir är iwergro'ss Participation un desem Cortég. Dir hutt domadden är Komerôden aus den affili'erten Centralcomitéen net enttäuscht, au contraire sie an hirem Striewen a Schaffen gestärkt an sie begéschtert op dém Wé virun ze fueren dén mir bis haut ageschloen hun.

Vir wât all Joer döss Journée? Virwât all Joer ons Journée, Journée vun den Enrôlés de Force an hiren Elteren?

An wann ech döss Fro hei elo beäntwerten, dann wennen ech mech fir d'escht un de' Joergäng de' me' jonk sinn we' mir, an dann un de', de' me' âl woren we' mir an vum Stellungsbefehl verscho'nt blo'wen.

Fir d'escht also hun ons Jugend vun haut, un all de', de' nach ze jonk wôren, fir de leschte Krich an all senger Tragik a Misère ze erfâssen a vleicht net können verstoen firwât 10tausenden vun fre'eren Zwangsrekrute'erten matt den Elteren vun hiren onglecklecher Komerôden, 20 Joer nom Krich nach ömmer de Fanger op eng Wonn léen de' net hélen wöllt? We' mir eso' âl waren we' dir haut, hât en sataneschen Ennerdröcker vun onsem Land e Plang ausgeschaft dén d'Wurzel vun engem Letzeburg, wat sech net ennerkre'en wollt lôssen, sollt vernichten. Vernichten seng Jugend, net nömmen materiel an

zuelme'sseg mä wirun allem och moralesch. D'Gauleiterverordnung vum 30.August 1942 huet net nömmen de' betreffend Joergäng, mä d'ganz Letzeburgerland an en Dilemna bruecht aus dém et kén Auswe' go'w. Net nömmen mir wossten net me' we' mir ons konnten wieren, mä och ons Pappen an Mammen stongen machtlos dem Onnerdrecker ge'nt iwer, dem Onnerdrecker matt all senger Gewalt, senge Spitzelen a Gestapo, senge Gesetzer iwert Sippenhaft, senge Gerichter an Verbriecher, senge Prisongen Kazetter an Exécutionsplattoen. D'ganz Letzeburgervollek stung machtlos do a wor net emstand dem Preis seng Jongen a Médercher, de' 12.000 Jongen an 7.000 Médercher de' den Stellungsbefehl an der Hand hâten ze entreissen. Awer mir mir alleguer, jidder énzelnen vun ons huet sech missen entschéden. Oni Höllef a Rôt stungen mir do.

Wien ziel de' durchwârten Nuechten an onlöschteg Dég an dénen mir geste'ert an verzweifelt net ferdeg go'wen matt desem Problém an fir dât mir keng Le'sung konnten fannen. Mir wo'ssten datt mir engem Verbriecherrégim net konnten eng Hand réchen an höllefen en onnetzt Völkermierden weider ze fe'eren. Mâ seng satanesch Fratz huet ons ugelâcht a gesôt: "Wanns du net wölls dann stierwen déng Elteren, dein Papp a deng Mamm ginn verschléft, deng Gebridder an Geschwösteren an d'Kazett. Wanns du net wölls dann zerste'eren ech deng Familgen, dann suergen ech derfir dass dât wâts du nenns "dei Letzeburger Vollek" dem Onnergang zo'gét". An eso' go'wen mir hin an hir gerass an hun matt Verzweifelung no engem Auswé gesicht. Jidderén op seng Manne'er, jidderén eso we' en d'Me'glechkét hat, eso we'sei Gewössen him et dikte'ert huet

A mir sinn gângen, de' eng an de Maquis, de' âner fonnten eng Stopp hei am Land, de' aner matt der Hoffnung den Wé zu den Allie'erten ze fannen.

Iwer 3.000 sinn net me' erem komm.

An mir de' d'Chance hâten d'Hémecht erem ze gesinn,woren all fro' we' mir erem dohém waren, op Mutile'ert oder krank, d'Hâptsach der Vernichtung ze entgângen sinn. Mir hun nie dorunner geduecht als Helden gefeiert ze ginn, mir hun nie verlângt eng Auszéchnung fir ons Haltung ze kre'en, mir hun net domadden gerechent ons verlueren Zéit bezuelt ze kre'en. Mir woren zefridden an glecklech erem dohém ze sinn an hun matt de'wem Schmierz un ons onglecklech Komeroden an hir Elteren geduecht, an eng stolz an ehrfurchsvoll Trauer fir onsen Helden vum Generalstreik, aus Kazetter, Prisongen an Déportation wor an onser Hierzer.

Awer, we' go"wen mir op émol opgeschreckt, we' net nömmen den letzeburger Gesetzgeber enger Rei vun Patrioten hiren Patriotissem bezuelt huet, mä och gleichzeiteg seng fre'er Zwangsrekrute'ert, Letzeburger zwéte Katégorie gestempelt. Mir hâten alles erwart, mä nie datt et, Letzeburg dât sech spontan a geschlossen am Generalstreik virun seng Jongen an Médercher gestallt hât, elo op émol séng selwecht Kanner, wann och net direkt matt den Kollaborateuren condamne'ert, so' dach hinnen d'individuel patriotesch Haltung ofsprecht. En Stach go'ng ons durch d'Herz we' ons derzeite Chamber ons d'letzeburger Krichsschädegesetz vote'ert an dommaden en Dokument geschât dat spe'der Generationen Zweiwelen un der patriotescher Haltung vun der letzeburger Jugend an dem Krich muss ginn. De' de' ons erzunn hun, massrégelen hir égen Kanner an verweisen se op eng zwét Plâtz, wann et em Hémechtsle'ft an Patriotissem gét.

An net nömmen émol, fir e letzeburger Ausdrock ze begrauchen, huet de Vull sein égent Nascht beschass, mä och eng zwéte Ke'er wore Letzeburger matt d'accord dass an engem inetrnationale Vertrag e Vertrag matt dém fre'eren Onnerdrecker, am deitscheletzeburger Reperationsvertrag, de Verbriecher sein Verbriecher un der letze-

burger Jugend konnt tarnen.

Etass dât, le'f Letzeburger, wât ons Enrôlés erem op den Plang geruff huet. We' ons E'er eng zwéte Ke'er besuddelt go'w, du konnten mir net weider stall hâlen, du konnten mir ons net weider vertre'schten an verdrecken lôssen. Mit hun Verpflichtungen, onse Komeroden ge'nt iwer de' mir net me' matt hém burecht hun, hiren Elteren an hiren Kanner ge'nt iwer. Vis-àvis vun onse Kanner an och vis-à-vis vun ons selwer. Mir hun ons Pflicht gemacht, als Letzeburger égal wo' mir stongen an mir lossen net no, bis dât Land, fir dât mir gelidden an gestuerwen sinn, d' Schân de'et ons ugedon erem auswëscht an én fir allemmôl an letzeburger Gesetzer fir d'Gégenwart an d'Zukunft, festhält, datt d'Joergäng 1920-27 genau so' gutt we' aner Patrioten hir Hémechtspflicht volla ganz erföllt hun.

A weider ginn mir ons net bis den Nachfolger vum fre'eren Onnerdrecker zur Usicht komm ass an den Courage huet, d'Verbriechen durch Zwangsrekrute'erung ongefälscht unze erkennen a berét ass d'Folgen matt alle Konsequenzen no Me'glechkét ze droen.

Dât le'f jonk Frenn a Bekannten, ass firwât ons Fédération an ons Associationen do sinn. Fir dât stinn mir all haut hei, fir ze suergen dass gro'ss Ongerechkéten verschwannen an dass virun allem, dât wat ons passe'ert ass, iech net nach eng Ke'er passe'eren kann.

A wann mir de' Zieler erréchen wöllen, dann kommen ech net derlânscht mech och un de' éler Generationen ze wennen. Un ons Regierungsleit, ons Ministeren, ons Députe'ert an ons Politiker. An ären Hänn leit et erem gutt ze machen wât, vleicht nömmen en Dél vun äre Virgänger verbach hun. Mir op Jidderfall wöllen ons net nach eng Ke'er soen lossen mir hätten iech net op onsen Problém opmierksam gemacht. Mir hätten är Opmierksamkét op net op d'onhalt-

bar Situation vun den Enrôlés de Force gezunn. Well dofir och stinn mir hei, mir alleguer, de' fre'er Zwangsrekrute'ert Médercher an Jongen, matt onsen Elteren, Frenn an Bekannten. Fir iech ze soen datt mir nach wie vor net mam letzeburger Krichsschädegesetz zefridden sinn. D'ass nömmen eng Ännerung ~~vun~~ no onsem Projet endlech erem Fridden an ons d'Land kann brengen an dass mir haut we' mit hei stinn op d'Frenschaft vun dénen deiseit der Mussel peiffen eso' lang we' hir Regierung net beweist, dass sie Zwangsrekrute'erung am leschte Krich als Krichsverbriechen condamne'ert an de' sech doraus erginne Konsequenzen dre't.

Mir Zwangsrekrute'ert hun munnesch Enttäuschung erliewt. Mir sinn gele'ert ginn d'Verspriechen entge'nt ze huelen, vertre' scht ze ginn an ze warden. Kén Wonner dass mir haut me' skeptesch an zereckhâlent munneschem Staatsmann an Politiker ge'nt iwer stinn. Trotzdem strengen mir ons un, Vertrauen an onsen heitegen Gesetzgeben zu hun an hoffen dass eng definitif Le'sung an deser Legislatur-période kennt. Et ass also un iech, de' verantwortlech, Ministeren an Députe'erten. Un iech dénen 7 Joergäng Jonktem aus dem Krich d'Vertrauen an är Lédung erem ze ginn. Wann dir ons wöllt enttäuschen et ass an et bleiwt är Gewössensfro.

Ar Gewössensfro op mir weider resigne'ert bei onser nächster Journée Commémorative onse gefallenen an vermössten Kanner a Komeroden gedenken. Op weider nach keng letzeburger Regierung un all de' Leit geduecht huet de' hirt Liewen op Spill gesat fir d'Jongen an d'Médercher dem Preis ze netreissen. Op weider gestridden gött wén zu Letzeburg dén beschte Patriot war. Op weider ömt d'He'scht vun de Verdingschetr dére gehandelt gött de' hirt Liewen fir d'Hémecht ginn hun. Op de Verbriecher sech kann weider lanscht seng Verantwortung drecken. Dann können mir ons nömmen eng weider Ke'er un onse Komerod Georges Nonnenmacher wenden an

en bieden den zwéte Band vun "La Grande Honte", hir gro'ss Schân ze schreiwen. Am e'schte Band de' gro'ss Schân fir de' de' Zwangsrekrute'erung ferdeg bruecht hun, an am zwéte Band de' gro'ss Schân vun all dénen de' dem Verbriecher d'Hand gerécht fir sein Verbriechen ze kamofle'eren ze bagatellise'eren an em höllefen sech lanscht seng Verantwortung an Reperation ze drecken. Awer nach hunn mir de Courage net verluer. Mir verspriechen haut op enais hei zu Pe'teng d'Undenken vun onsen ongleckelechen Komeroden an E'eren ze hâlen. Mir verneigen ons de'f firun hiren Affer an denken matt Respekt a Bewonnerung un hir Haltung am Krich zreck. Mir hun matt hinnen gelidden, gekrasch gebied an geblutt. A matt ons stungen an stinn noch haut nach all brav an e'erlech Letzebürger. Et ass un ons alleguer, eso' we' mir am Krich zesummen gehâlen hunn, eso' och haut dofir ze suergen dass;ons d'Land net vum Egoissem an Mösstrauen rege'ert gött. Dass én fir allemmol all Letzeburger gudde wöllens sech d'Hand réchen an der ganzer Welt beweisen dass mir en énecht Vollek sinn, dât den Affer vun all dénen wert ass de' hirt Liewen fir d'Hémecht ginn hunn.